LU

GEMENGEROT
# VUM 26. ABRËLL 2024

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren, Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Krecké Patrick (DP) Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

**Entschëllegt:** Larry Bonifas (déi gréng)

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour, mat Ausnam vum Punkt 11 goufen eestëmmeg ugeholl.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

### KOMMUNIKATIOUNEN

D'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP) erklärt dat säit den 80-er Joren duerch de Landwirtschaftsministère Programmer zur Ënnerstëtzung vun der ländlecher Entwécklung ausgeschafft ginn. Ee Schwéierpunkt vum Färderprogramm Duerfentwécklung läit op der Stäerkung vum soziale Mateneen, d'Oprechterhale vum Veräinsliewen an der Biergerbedeelegung. Dofir stellt de Landwirtschaftsministère 20 Milliounen zur Verfügung. Et gi Subside fir verschidde Mesuren an d'Vertrieder vum LEADER Westen wollten sech mam Schäfferot treffe fir déi Mesuren ze präsentéieren an zesummen ze kucke wou een se kéint applizéieren. D'Subsiden si bei 1,5 Millioune pro Gemeng gedeckelt mat enger Variatioun vum Taux tëschent 40% a 50%. Dat wier eng Méiglechkeet fir e puer Projete vun der Gemeng ëmzesetzen.

Den Här Marc Bissen (LSAP) informéiert dat de Schäfferot de 17 Abrëll an der Chambre des Métiers d'„Charte de la médiation" ënnerschriwwen huet. D'Gemeng Kielen stellt hire Bierger d'Méiglechkeet zur Verfügung eng éischt gratis Consultatioun mat engem professionelle Mediateur ze hunn amplaz direkt viru Geriicht ze goen.

D'Claudine Meyer-Deitz (LSAP) deelt mat datt an der LASEP 96 Kanner ageschriwwe sinn. Fir d'nächst Joer Spillschoul ginn et nach méi Kanner an dee Grupp muss warscheinlech gedeelt ginn. Eng Famill huet fir d'Inklusioun vun hirem Kand gefrot. Zwou Persounen hunn sech gemellt fir an der LASEP Coursen ze ginn. Am Club Senior hunn 165 Membere bezuelt. Mir kréie Schwammstonnen zu Mamer an zu Stengefort.

Den Här Guy Breden (CSV) invitéiert de 7. Mee op eng Informatiounsversammlung zu erneierbaren Energien zu Ollem. E privaten Investisseur wëllt eng Agri-Pv Anlag an eng Wandmillen amenagéieren. Eis Gemeng wier déi éischt zu Lëtzebuerg an der esou e Projet géif realiséiert ginn.

Den Här Félix Eischen (CSV) erënnert un de Péckvillercherslaf zu Nouspelt an déi hei geplangte Geldpräisser déi sollen iwwerreecht ginn a freet deemno fir dëse Punkt mat ob den Ordre du jour ze setzen. De 16 Abrëll war eng Entrevue mat Ponts & Chaussées iwwert d'Verkéiersproblematik an déi eventuell Léisungen. Zäitno wäert d'Permissioun de Voirie erakomme fir Verwierklechung vun der Zon 30 virun der Gemeng zu Kielen. An enger 2. Phase soll d'"rue du Kiem" un déi Zon 30 ugeschloss ginn. Zu Keespelt gi Plateauen an der „rue Pierre Dupong" amenagéiert. Um Kräizwee ginn d'Trottoire méi breet gemaach an et kommen Zebrasträifen dobäi. Zu Ollem gëtt et d'Méiglechkeet fir d'Zon 30 bäizebehalen. Et gëtt och intensiv um Tracé vum Contournement geschafft a Ponts & Chaussées kënnt op d'Gemeng duer wann de Projet virläit fir doriwwer ze diskutéieren. Um Zebrasträife beim Domaine Hueseknäppchen sollen och rout Luuchten installéiert ginn. Den 30. Abrëll ass eng Präsentatioun zum architektonesche Patrimoine vun der Gemeng Kielen. Den Inventaire vun der INPA (Institut national pour le patrimoine architectural) gëtt do virgestallt, zesumme mam Kulturminister.

### *0. Péckvillercherslaf 2024 – Präis fir déi éischt klasséiert an deene verschiddenen Kategorien*

De Gemengerot huet unanime beschloss dass dëse Punkt op den Ordre du jour vun dëser haiteger Sëtzung bäigesat gëtt. D'Sportskommissioun organiséiert den 28 Abrëll 2024 de Péckvillercherslaf a proposéiert e Geldpräis fir déi éischt dräi Plazen aus deene véier Kategorien ze verginn an zwar:

| | | | |
|---|---|---|---|
| Épreuve 11 km | catégorie dame | place obtenue 1 | 100.-€ |
| | | place obtenue 2 | 75.-€ |
| | | place obtenue 3 | 50.-€ |
| | catégorie homme | place obtenue 1 | 100.-€ |
| | | place obtenue 2 | 75.-€ |
| | | place obtenue 3 | 50.-€ |
| Épreuve 5,5 km | catégorie dame | place obtenue 1 | 100.-€ |
| | | place obtenue 2 | 75.-€ |
| | | place obtenue 3 | 50.-€ |
| | catégorie homme | place obtenue 1 | 100.-€ |
| | | place obtenue 2 | 75.-€ |
| | | place obtenue 3 | 50.-€ |
| **Total des prix à distribuer** | | | **900.-€** |

Deemno decidéiert de Gemengerot am Kader vum Péckvillercherslaf 2024, sou wéi bei deenen nächsten Editiounen, am Fall wou Tariffer an d'Modalitéite fir d'Attributioun net änneren, deenen dräi éischt klasséiert an deene 4 Kategorien e Geldpräis ze verginn, esou wéi d'Sportskommissioun et virgeschloen huet.

### *1. Reparatioun vun der Kanalisatioun um „Boulevard Robert Schuman" zu Ollem*

Den Devis fir d'Reparatioun vun der Kanalisatioun op enger Längt vun ongeféier 42 Meter um „Boulevard Robert Schuman" zu Ollem, dee vum technesche Service vun der Gemeng Kielen den 18 Abrëll 2024 opgestallt gouf, weist e Betrag vun 91.602,00 Euro (107.174,34 Euro TTC) vir. Dësen Devis gesäit Sanéierungsaarbechten an Héicht vu 54.507,00 Euro HTVA, Botzaarbechten an Héicht vun 1.710,00 Euro HTVA, Tester un den Dichtungen an zwar virun den Aarbechten an no den Aarbechten an Héicht vun 18.290,00 Euro HTVA, Honorairen an Héicht vu 15.385,00 Euro HTVA, esou wéi Imprevuen an Héicht vun 1.710,00 Euro HTVA vir. Deemno, approuvéiert de Gemengerot dësen Devis.

### *2. Fréiere Pompjeesbau an der Kopleschter Strooss zu Kielen – Devis fir dass d'Gebai erëm konform ass wat d'Sécherheet an aner gesetzlech Virschrëften ubelaangt.*

Den Devis fir dass d'Gebai erëm konform ass wat d'Sécherheet an aner gesetzlech Virschrëften ubelaangt gouf den 08 Abrëll 2024 vum technesche Service vun de Gemeng Kielen opgestallt a gesäit e Montant vu 85.100,00 Euro HTVA (99.567,00 Euro TTC) vir. Dësen Devis ëmfaasst verschidde Kategorien an zwar de Reegele gerecht gi wat déi allgemeng Sécherheet betrëfft fir e Montant vun 43.100,00 Euro HTVA, d'Accessibilitéit fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit fir e Montant vun 20.000,00 Euro HTVA, d'Renovatiounsaarbechte fir e Montant vun

10.000 Euro HTVA an en Divers a fir e Montant vun 12.000,00 Euro HTVA. Deemno approuvéiert de Gemengerot dësen Devis.

### 3. Divers Subside fir dat 1 Trimester vun 2024

De Schäfferot proposéiert 17 Subside vun 125,00 Euro esou wéi 1 Subsid vu 500,00 Euro, soit en Total vun 2.622,00 Euro am Kader vum éischten Trimester vum Joer 2024 ze accordéieren. Deemno accordéiert de Gemengerot Subsiden u follgend national an international humanitär Associatiounen déi am Laf vum éischten Trimester der Gemeng eng Ufro fir e Subsid zoukomme gelooss hunn:

| Demandeur | | | | | | 2024 / 1er trimestre (janvier-mars) | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| N° | N° Fournisseur | Nom | Forme juridique | Localité | Article budgétaire | Date demande | Montant |
| 1 | 40017 | SOS Faim - Action pour le Développement | a.s.b.l. | Schifflange | 3/191/648110/99001 | 01/02/2024 | 125,00€ |
| 2 | 50784 | Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren serv. coop. | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 31/01/2024 | 125,00€ |
| 3 | 13515 | Médecins Sans Frontières Luxembourg | ONG | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 16/02/2024 | 125,00€ |
| 4 | 27557 | Handicap International Luxembourg | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 19/02/2024 | 125,00€ |
| 5 | 34264 | Les Amis du Tibet, Luxembourg | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 21/02/2024 | 125,00€ |
| 6 | 34476 | SOS Villages d'Enfants Monde | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 22/02/2024 | 125,00€ |
| 7 | 32670 | Hoffnung fir d'Kanner vun Tschernobyl | a.s.b.l. | Olm | 3/191/648110/99001 | 16/02/2024 | 125,00€ |
| 8 | 45821 | CARE in Luxemburg a.s.b.l. | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 07/03/2024 | 125,00€ |
| 9 | 28798 | Chrëschte mam Sahel | ONG | Luxembourg | 3/191/648110/99001 | 26/03/2024 | 125,00€ |
| 10 | 49640 | Médecins du Monde | a.s.b.l. | Esch-sur-Alzette | 3/191/648110/99001 | 25/01/2024 | 125,00€ |
| 11 | 47330 | Amicale du Groupe Cynotechnique | a.s.b.l. | Schifflange | 3/192/615100/99001 | 13/03/2024 | 125,00€ |
| 12 | 48289 | MemoShoa Luxembourg | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/192/615100/99001 | 05/01/2024 | 125,00€ |
| 13 | 48878 | Natur & Ëmwelt | a.s.b.l. | Kockelscheuer | 3/192/615100/99001 | 02/01/2024 | 125,00€ |
| 14 | 48292 | FËBLUX- fir ëffentlech Bibliothéiken | a.s.b.l. | Dudelange | 3/192/615100/99001 | 15/02/2024 | 125,00€ |
| 15 | 47989 | Fondation Autisme Luxembourg | a.s.b.l. | Capellen | 3/192/615100/99001 | 04/03/2024 | 125,00€ |
| 16 | 13177 | Association Luxembourgeoise pour la prévention des accidents de la route | a.s.b.l. | Bertrange | 3/192/615100/99001 | 21/03/2024 | 500,00€ |
| 17 | 34417 | SOS Détresse - Hëllef iwwer Telefon | a.s.b.l. | Luxembourg | 3/192/615100/99001 | 27/03/2024 | 125,00€ |
| 18 | 38735 | Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung | a.s.b.l. | Rollingen | 3/192/615100/99001 | 02/01/2024 | 125,00€ |
| | | | | | | **Total:** | **2.625,00€** |

### 4. Zeréckgräifen op en Emprunt

D'Kapitel betreffend dem Extraordinär am Budget vum Lafenden Exercice 2024 gesäit Depense vu 40.798.262,65 Euro fir d'Verwierklechung vu gréisseren Aarbechten esou wéi Recette an Héicht vun 33.774.570,11 Euro, den envisagéierten Emprunt vu 24.250.000,00 Euro mat abegraff fir de Budget vun 2024 auszegläichen, vir. Den 18 Abrëll 2024 war de Solde vun der Gemeng positiv an huet e Montant vun 10.423.897,76 Euro virgewisen. Den 31 Dezember 2023 war de Solde vun der Gemengeschold op 37.724.942,74 Euro chiffréiert. Vu datt Chantieren déi am Extraordinäre vum Exercice 2024 virgesinn si gutt viruginn ass et wichteg dass mir am drëtte Trimester vum Joer 2024 op en Emprunt zeréckgräifen. Dofir proposéiere mir de Betrag vum Emprunt op 20.000.000.- Euro ze chiffréieren an zwar ënnert deene follgende Konditiounen:

- den Emprunt leeft op 20 Joer
- den Taux d'intérêt débiteur entsprécht engem Taux variable
- de Rechemodus 360 Deeg op 360
- d'Arrêtéë vun de Konte pro Semester
- d'Remboursement pro Semester Kapital a Zënse mat a begraff
- d'Fonge ginn an 2 Tranchë vun 10.000.00 Euro zur Verfügung gestalt an dëst no an no jee no Bedarf an zwar ouni Fräien

### 5. Nottärsakt fir d'Vente vun enger Parzell déi sech an der „rue de Keispelt" zu Meespelt befënnt (M2 Invest Partners).

Wärend senger Sëtzung vum 15 Mäerz 2024, huet de Gemengerot de Compromis n°2024/1/1/CM deen den 23 Februar 2024 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der SARL MS Invest Partners, vertrueden duerch den Här Marc Feltes, vun der SA M2F vu Stroossen an de M. Rudy Reuter vun der SA Locarlux vu Lëtzebuerg approuvéiert. Unhand vun deem Compromis keeft Gemeng Kielen eng Parzell, déi am Kadaster vun der Gemeng ënnert der Nummer 1109/3375, Strooss, mat enger Fläch vun 0,05 Ar, Sektioun E vu Keespelt a Meespelt, situéiert um Uert „rue de Keespelt" fir de Präis vun 1000,00 Euro den Ar, soit en Total vu 50,00 Euro der Société MS Invest Partners of. Deemno approuvéiert de Gemengerot an dëser Sëtzung deen dozougehéierenden Nottärsakt fir dës Vente n°10302 deen den 19 Abrëll 2024 tëschent dem Schäfferot vun der Gemeng Kielen an der SARL MS Invest Partners ënnerschriwwe gouf.

### 6. Deklassement vu Parzelle vum „Domaine public" an der rue Belle-Vue zu Kielen

D'Gemeng Kielen proposéiert fir d'Parzellen n°820/7481, mat enger Fläch vu 0,02 Ar an n°820/7480, mat enger Fläch vun 0,04 Ar, béid situéiert um Uert „Rue Belle-Vue", Sektioun A vu Kielen, an déi sech tëschent der Strooss an der Proprietéit vun enger Drëttpersoun befannen, ze verkafen. Mä vue

dass Parzellen déi sech am „Domaine public communal“ befannen net kënne verkaf gi mussen se an enger éischter Phase vum „Domaine public communal“ an den „Domaine privé communal“ deklasséiert ginn. Den dozou gehéierenden Avis gouf de 27 Mäerz 2024 publizéiert. Deemno deklasséiert de Gemengerot déi concernéiert Parzellen an den „Domaine privé communal“.

### *7. Comité de jumelage – Ernennung vu senge Memberen*

Wärend senger Sëtzung vum 22 September 2024, huet de Gemengerot d'Modifikatioun vum Reglement bezüglech der Zesummesetzung, dem Fonctionnement an den Attributioune vum Comité de Jumelage adoptéiert. Et ass wichteg ze erwänen dass de Representant vum Léierpersonal, d'Representantë vun all politescher Partei déi am Gemengerot vertrueden ass, d'Representantë vun de consultative Kommissiounen an de Representant vum CGDIS op Propositioun vun den Organer, Gruppen a Kommissiounen déi se representéiere gestëmmt ginn. Deemno, ernennt de Gemengerot unhand vun engem geheime Vott d'Memberen déi ënnert de Punkten a), c), d) an f ) vum éischten Artikel vum Gemengereglement bezüglech der Zesummesetzung, dem Fonctionnement an den Attributioune vum Comité de Jumelage opgelëscht sinn, an zwar:

- **de Vertrieder vum Léierpersonal**
  Madamm Schintgen Anouk
- **déi 4 Vertrieder vun de politesche Parteien déi vertruede sinn am Gemengerot**
  Här Lucien Koch - CSV
  Madamm Anne Zeihen - LSAP
  Madamm Maryse Frantzen Maryse - DP
  Madame Josette Clemens- déi gréng
- **déi 4 Vertrieder vun de berodenden Kommissiounen**
  Madamm Natacha Koch – Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen
  Här Guy Breden – Schoulkommissioun
  Här Kevin Urbing – Kulturkommissioun
  Här Massimo Regno – Sportskommissioun
- **de Vertrieder vum CGDIS**
  Här Kevin Maciel dos Santos

Déi 8 Representantë vun de lokalen Associatiounen, de Vertrieder vum Commerce a vum Handwierk an déi 2 Vertrieder vun deene jonken Awunner am Alter tëschent 16 a 25 Joer ginn an enger vun deenen nächste Gemengerotssëtzunge gestëmmt.

### *8. Taxereglement bezüglech de Kierfechter vun der Gemeng Kielen – Modifikatioun*

De Schäfferot proposéiert Taxe fir d'Schafe vu Griewer a Bäisetzungen, fir d'Notzung vun der Morgue an dem Killraum, fir d'Verstreeë vun den Äschen, fir d'Konzessioune vun de Griewer an d'Bestattungskasen, esou wéi fir d'Transkriptioun vun de Konzessiounen, opgrond vun enger Erhéijung vun deenen domat verbonne Käschte fir d'Gemeng, unzepassen. Deemno fixéiert de Gemengerot d'Taxe bezüglech de Kierfechter vun der Gemeng Kielen follgendermoossen:

**A. Confection de fosses - Inhumation:**

| | |
|---|---|
| a) Fosses pour cercueils | 1.200,00€ |
| b) Ouverture d'un caveau | 500,00€ |
| c) Fosses pour urnes | 150,00€ |
| d) Fosses pour mort-nés, embryons et parties de corps | 150,00€ |
| e) Ouverture d'une case cinéraire | 100,00€ |

Précise que les gravures pour les cases cinéraires et pierres tombales sont facturées au prix coûtant.

| | |
|---|---|
| **B. Utilisation de la morgue et/ou de la cellule frigorifique:** | 150,00€ |
| **C. Dispersion de cendres:** | 100,00€ |

**D. Concessions des tombes:**

| | |
|---|---|
| a) Concession simple (15 ans) | 250,00€ |
| b) Concession simple (30 ans) | 500,00€ |
| c) Concession double (15 ans) | 500,00€ |
| d) Concession double (30 ans) | 1000,00€ |
| e) Concession triple et plus (15 ans) | 750,00€ |
| f) Concession triple et plus (30 ans) | 1500,00€ |

**E. Cases - tombes cinéraires:**

| | |
|---|---|
| a) Concession simple (15 ans) | 250,00€ |
| b) Concession simple (30 ans) | 500,00€ |
| c) Forfait initial pour toutes les cases cinéraires | 1300,00€ |
| **F. Transcription d'une concession:** | 50,00€ |
| **G. Exhumation:** | Prix coûtant |
| **H. Inscription sur la stèle commémorative du cimetière forestier d'Olm et du jardin du souvenir à Kehlen** | 50,00€ |

Dëst Reglement trëtt a Kraaft den 1. vum Mount nom Affichage (nodeems et vum Inneministère approuvéiert gouf), entspriechend dem Artikel 82 vum modifizéierte Gemengegesetz vum 13/12/1988.

### *9. Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen – Bäitrëtt*

De Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewe gouf de 27 Mäerz 2024 tëschent dem Staat, vertrueden duerch den Här Max Hahn, Minister fir d'Famill, d'Solidaritéit, d'Zesummeliewen an den Accueil an der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot souwéi vun der Madamm Natacha Koch, Präsidentin vun der Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen, ofgewéckelt. D'Konventioun déi zum Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewe gehéiert an den 1. Abrëll 2024 a Kraaft trëtt an den 31 Dezember 2024 ausleeft definéiert d'Roll an déi géigesäiteg Engagementer vun de Parteien an d'Modalitéite fir Bezuelung vun der finanzieller Kontributioun vum Staat. Deemno approuvéiert de Gemengerot de Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen.

### *10. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot*

De Gemengerot confirméiert 8 Verkéiersreglementer, an zwar an der « rue de Mamer » (CR102) an an der Juddegaass zu Kielen esou wéi um CR 103 zu Ollem wéinst Aarbechte fir d'Erneierung vum Konschtwierk 0A976 um CR102 ; an der « rue des Près » zu Keespelt wéinst Ausgruewungsaarbechten an dem Bau vun engem Schacht ; an der « rue d'Olm » zu Kielen fir den Uschloss vun Haiser un d'Glasfaser fir d'Post, an der « rue de Nospelt » zu Kielen fir Aarbechten am Kader vum engem Zebrasträifen op der Héicht vum Haus n°1 ; an der Gässel zu Kielen fir den Uschloss vu Glasfaser un Haiser fir d'Post, am Domaine Brameschhaff zu Kielen fir den Uschluss un de Verdeelungsreseau vum Gebai n°11.

### *11. Konzept fir d'Notzung vum Lokal „Kielener Buvette“ - Motioun vun der Demokratescher Partei (DP)*

De Gemengerot hëlt dës Motioun respektiv dës Froen déi de 15 Abrëll 2024 vun de Conseillere Madamm Maryse Frantzen an dem Här Patrick Krecké agereecht goufen, sou wéi d'Äntwerten déi den Här Félix Eischen, Buergermeeschter, am Numm vum Schäfferot gëtt zur Kenntnis.

*Le conseil communal,*

- *considérant que les coûts pour la construction et l'aménagement de la Buvette FC Kielen étaient bien élevés;*
- *considérant que le local n'est que fréquenté pour certains événements du FC Kielen et les jours de match du FC Kielen;*
- *vu qu'aucun autre club sportif de la commune de Kehlen a l'opportunité de fréquenter un local si bien équipé;*
- *vu qu'aucune charte d'utilisation pour ce local n'a été présentee jusqu'à présent;*

*invite le collège des bourgmestre et échevins*

- *à présenter son concept d'utilisation pour le local „Buvette FC Kielen"*
- *de nous dire si oui ou non d'autres clubs ou associations avec siège dans la commune de Kehlen, ou même des personnes privées auront le droit de louer ce local?*
- *dans le cas où la buvette pourrait être louée, elle serait à louer à quel prix?*
- *respectivement est-ce qu'il existe un projet pour l'installation d'un restaurant de style brasserie?*

De Gemengerot hëlt dës Motioun respektiv dës Froen déi de 15 Abrëll 2024 vun de Conseillere Madamm Maryse Frantzen an dem Här Patrick Krecké agereecht goufen, sou wéi d'Äntwerten déi den Här Félix Eischen, Buergermeeschter, am Numm vum Schäfferot gëtt zur Kenntnis.

Stellungnam vum Schäfferot, Punkt fir Punkt:

**Fro vun der DP:**

*Considérant que les coûts pour la construction et l'aménagement de la Buvette FC Kielen étaient bien élevés.*

De Schäfferot confirméiert dass dës Infrastrukturen e gewëssene Präis kascht hunn an erënnert dass, dëse Projet, d'Pläng déi dozou gehéieren, d'Devisen esou wéi déi zousätzlech d'Devisen unanime am Gemengerot approuvéiert goufen, sou also och vun der Demokratesch Partei (DP).

**Fro vun der DP:**

*Considérant que le local n'est que fréquenté pour certains événements du FC Kielen et les jours de Match du FC Kielen.*

De Schäfferot deelt mat dass d'Buvette natierlech haaptsächlech vum FC Kielen genotzt gëtt vue datt dës zu den Infrastrukture vum Fussball gehéieren.

**Fro vun der DP:**

*Vu qu'aucun autre club sportif de la commune de Kehlen a l'opportunité de fréquenter un local si bien équipé*

De Schäfferot confirméiert dass d'Buvette vun all aneren Intressent ka genotzt ginn. Et handelt sech ëm e Lokal vun der Gemeng wou déi selwecht Reegele gëlle fir d'Locatioun wéi fir all déi aner Gemengesäll. Vu dass d'Buvette um Terrain vum FC Kielen läit ass et evident dass den FC Kielen d'Prioritéit huet bei der Locatioun, besonnesch wat den de Kalenner vun der Reservatiounen ubelaangt. D'Lokal steet nach net um Formular fir d'Reservatioune mee e wäert bannent kuerzer Zäit bäi gefüügt ginn, et handelt sech ëm eng administrativ Formalitéit, d'Locatioun ass zurzäit schonns méiglech.

*„Aucun autre club n'a l'opportunité de fréquenter un local si bien équipé"*

De Schäfferot informéiert dass all d'Raimlechkeete vun der Gemeng gutt ageriicht sinn a vu lokalen Associatiounen oder anerer genotzt ginn. D'Gemeng investéiert immens vill an Zenteren, Festsäll, an aner Ekipementer. Et ass also net verständlech ze behaapten dass speziell dës Infrastruktur esou gutt ausstafféiert wär.

**Fro vun der DP:**

*Vu qu'aucune „charte d'utilisation" pour ce local n'a été présentée*

De Schäfferot rappeléiert dass e Reglement fir d'Notzung vun de Säll an den Installatioune vun der Gemeng an der Sëtzung vum Gemengerot 17. Januar 2010 gestëmmt gouf. Den Titel vun dësem Reglement ass follgenden: „Règlement concernant l'utilisation des salles et installations communales de Kehlen". Dëst Reglement bestëmmt d'Notzung vun all den Infrastrukture vun der Gemeng, also och vun der Buvette Kielen. Deemno ass d'Notzung vun der Buvette gereegelt, ausser d'Virrecht vum FC Kielen fir Notzung ass nach net präziséiert an dësem Dokument.

**Fro vun der DP:**

*La DP invite à présenter son concept d'utilisation pour le local „Buvette FC Kielen"*

De Schäfferot informéiert dass d'Aarbechten an Diskussioune bezüglech dem Konzept fir d'Notzung am gaange sinn. Entrevuen hu stattfonnt a méi konkret Informatioune wäerten an noer Zukunft matgedeelt ginn.

**Fro vun der DP:**

La DP invite de communiquer si oui ou non autres clubs ou associations avec siège dans la commune de Kehlen, ou même personnes privées auront le droit de louer le local ?

De Schäfferot stellt kloer dass d'Äntwert op déi Fro jo ass, all aneren Interessente kann d'Buvette Kielen notzen. Den Datum muss ebe mam Service événementiel an dem FC Kielen ofgeschwat ginn. Als Rappel, d'Buvette gehéiert zu den Infrastrukture vum FC Kielen.

**Fro vun der DP:**

*Dans le cas où la buvette pourrait être louée, elle serait à louer à quel prix ?*

De Schäfferot erënnert drun dass en Taxereglement 2021 am Gemengerot gestëmmt gouf. An dësem Reglement sinn esou wuel Tariffer fir d'Gemengesäll wéi och fir d'Buvette festgeluecht, och wann déi sech op déi al Buvette bezéien. Deemno steet och e Präis fir d'Locatioun vun der neier Buvette fest.

**Fro vun der DP:**

*Est-ce qu'il existe un projet pour l'installation d'un restaurant de style brasserie ?*

De Schäfferot erklärt dass genau wéi beim Konzept fir d'Notzung, d'Reflexiounen, Negociatiounen an Diskussiounen am gaange sinn. De Gemengerot wäert matzäit informéiert ginn.

Ofschléissend erklärt de Gemengerot dass d'Buvette den Numm „Buvette Kielen" an net den Numm „Buvette FC Kielen" dréit.

D'Madamm Frantzen an den Här Krecké informéieren dass déi verschidde Froe vun Awunner respektiv vu Representantë vun de lokalen Associatiounen aus der Gemeng gestalt goufen, notamment aus der Lokalitéit Nouspelt, well si sech benodeelegt fille géintiwwer vun esou engem Invest an der Lokalitéit Kielen. D'Gréisst vun dëser Infrastruktur wär einfach iwwerdimensional, zumools d'Kichen, fir e Club deen an enger éischter Divisioun evoluéiert, och wann dëse eng grouss Unzuel vu Memberen zielt. D'Haaptiddi hannert all deene Froen, respektiv Suggestiounen ass, dass e Maximum vun Awunner vun dësen Infrastrukture kënne profitéieren.

De Schäfferot schléisst dëse Punkt vum Ordre du jour of andeem dësen sech averstanen erklärt mat all deene Froen, respektiv Ängschten, mee en erënnert drun dass den FC Kielen ganz laang iwwert vereelzt Infrastrukture verfüügt huet (déi al Buvette a Containeren) an dass net all Infrastrukturen gläichzäiteg kënne realiséiert respektiv renovéiert ginn. Dëst Kéier war et um FC Kielen, woubäi aner Associatiounen zu aner Momenter konnte, respektiv wäerte kënne, vun Investe profitéieren. Verschidden Associatioune brauche méi groussflächeg Anlage wéi anerer, wéi zum Beispill de Fussball an d'Musek.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *12. Kommunalen Erzéiungs an Empfangdéngscht fir Kanner*

#### *12.1. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur diplômé)*

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA mat enger variabeler Tâche vun 20 bis 30 Stonnen an der Woch mam Statut Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *12.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot e Gemengenemployé fir de SEA mat enger Tâche vun 30 Stonnen an der Woch mam Statut Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *12.3. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales (Educateur diplômé)*

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA mat enger Tâche vun 90 % (36 Stonnen an der Woch) mam Statut Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *12.4 Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot e Gemengenemployé fir de SEA mat enger Tâche vun 30 Stonnen an der Woch mam Statut Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *12.5. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot e Gemengenemployé fir de SEA mat enger Tâche vun 30 Stonnen an der Woch mam Statut Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *12.6. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot decidéiert, ënnert der Uwendung vum Artikel 19 vum groussherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 bezüglech dem Regimm an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen d'Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *12.7. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot decidéiert, ënnert der Uwendung vum Artikel 19 vum groussherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 bezüglech dem Regimm an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen d'Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *12.8. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot decidéiert, ënnert der Uwendung vum Artikel 19 vum groussherzogleche Reglement vum 28/07/2017 bezüglech dem Regimm an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen d'Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *12.9. Ufro fir dierfen a d'Pensioun ze goe vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot accordéiert déi honorabel Demissioun vun der Funktioun vun engem Gemengenemploye vum SEA an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

#### *12.10. Modifikatioun vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot decidéiert d'Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales an zwar vun aktuell 24 Stonnen op 30 Stonne pro Woch ab dem 01/04/2024.

#### *12.11. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot approuvéiert déi fräiwëlleg Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie D, Loungrupp D2, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales vum Schoultransport geltend ab dem 01/10/2024.

### *13. Verwaltung vun der Gemeng Kielen*

#### *13.1. Ufro fir d'Kierzung vum provisoresche Service vun engem Gemengebeamte vum technesche Service an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp technesch*

De Gemengerot accordéiert engem Gemengebeamten d'Kierzung vum provisoresche Service an zwar vun enger Dauer vu 6 Méint an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp technesch.

#### *13.2. Definitiv Nominatioun vun engem Gemengebeamte vum technesche Service mat ganzer Tâche an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp technesch*

Unhand vun engem geheime Vott accordéiert de Gemengerot eng definitiv Nominatioun vun engem Gemengebeamte vum technesche Service mat ganzer Tâche an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp technesch

#### *13.3. Ufro fir Kierzung vum provisoresche Service vun engem Gemengebeamten am Finanzservice an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp administrativ*

De Gemengerot accordéiert engem Beamten d'Kierzung vum provisoresche Service an zwar vun enger Dauer vun 12 Méint an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp administrativ.